# Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs A.s.b.l.

placée sous le Haut Patronage de S.A.R. le Grand-Duc Jean de Luxembourg
affiliée à la C.I.P.S. et au C.O.S.L.



President :
SCHLEICH Daniel
48, rue de Noertzange
L-3315 Bergem
Tél: 52 28 41


## Section Vétérans/Masters


Compte:
LU 05 1111 7011 9983 0000 CCPLLULL



Sekretär:
SCHERTZ Raymond
18 rue Paul Goedert
L-3330 Crauthem
Tél: 621 158 278
schertra@pt.lu


Crauthem, den 11 Mee 2025

**2 Manche vun der Veteranenmeeschterschaft 2025 zu Saint-Léger**

Déi 2. Manche vun der Veteranenmeeschterschaft gëtt Denschdeg de 27 Mee 2025 ob dem Weier zu Saint-Léger gefëscht.
Adress vum Weier:
Rue du Stade 1
B-6747 Saint-Léger

Leschten Trainnigsdach ass den 25.05.2025.Opgepasst den 23.05.2025 dierf net do trainéiert ginn wéint der Manche vun de Masters vum 24 Mee 2025.
D' Permien fir den Training kréit Dir

- an der Réceptioun vum Site selwer
- Admin.Communale / rue du château 19 / Saint-Léger
- Fleuriste Lé Lys / rue du 6 septembre 1 / Saint-Léger

**Den Tirage gëtt gemaach vum;**

Schertz Raymond, Quintus René

**Stänn setzen;** Denis André

Den Stand n°1 kennt lénks wou de Schilf stoung.

**Ofweien**

Bei den Masteren déi 2 Kaepstaen oder 2 Fräiwëlleger
Kontrollorgan decidéiert, wien nach kann ofweien goen

**Fudderkontroll;**

Bei de Veteranen Schertz Raymond an Quintus René

**Kontrollorgan** :

Schleich Dan

**Programm:**

08:00 Auer Treffpunkt um Parking 1 rue du stade Saint-Léger
08:30 Auer Stënnverlousung
10:00 Auer Fudderkontroll
10:50 Ufidderen
11:00 Auer Ufank vun der 2. Manche
14:55 Nach 5 Minuten bis den Ofschoss
15:00 Auer Ofschoss vun der 2. Manche an ofweien
Ps: Nom ofweien ginn d' Fësch direkt zeréck an Waasser gesaat.
Ennerschrëft vum Fëscher gëllt als Bestäetegung vum Gewiicht.

**Den Dan mëcht ons moies Bréidercher mat Kaffi.**

**Wichteg Informatiounen:**

1. Fudder ass op 12 Liter, naass Fudder mat Zousatz (Buedem oder Leem) limitéiert.
2. De Moulinet ass net erlaabt.
3. Franglaise ass erlaabt.
4. Den Weess, Hanf, Pois chiche an den Mais musse gekacht sinn, Nuddelen sinn och erlaabt an gehéieren bei d' fäerdeg Fudder
5. Lieweg Eschen sinn ob 1,5 Liter limitéiert. De Fouilles an d' Wierm sinn jeeweils op en ½ Liter limitéiert. Gefierfte Mueden, gefierfte Pinkien a Casteren sinn erlaabt.
6. Vergiesst är international Moosen net fir d`Eschen ze kontrolléieren.
7. Vers de Vase muss am kléngen Dëppchen präsentéiert ginn (FIPSed), wat dofir virgesinn ass.
8. Pellets, Pâtes ( carpe) an Babycorn sinn verbueden fir ze fidderen an ze fëschen.
9. Dat zielt och fir Partikelen an Köderen déi schwammen.
10. Et ass strengstens verbueden d' Fësch mat engem Duch unzepaaken.
11. Zwou Filochen vun minimum 3,50 m sinn obligatoresch, 1 fir grouss Fësch 1 fir kleng Fësch.
12. Maximum 25 Kilo pro Filoche, alles wat iwwer 25 kg ass an 1 Fioche ass zielt net.
13. Den Tapis de réception (Abhakmatte) ass obligatoresch.
14. 30 Minutten virum Fëschen däerf de Fëscher net méi gehollef kréien.
15. Den Widerhaken muss platt gedréckt sinn.
16. Stempelen vum Podium däerfen net am Waasser stoen.
17. Keng Mindestmooss vun de Fësch.
18. All künstlichen Köder ass verbueden.
19. Alles wat net opgezielt ass, ass verbueden.

Kann een net do sinn, oder fir 8:00 Auer um Rdv sinn, w.e.g. beim Sekretär um GSM: 621 158 278 oofmellen, resp. Bescheed soen.

Mat fréndlechen an sportlechen Gréiss, de Sekretär Raymond Schertz